N° 6539
Entrée le 25.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.07.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 22. Juli gouf ënnert dem Titel "*Die Omertà der Opfer*" en Artikel am Lëtzebuerger Wort publizéiert, dee sech mat enger dramatescher Gewalteskalatioun bei jonken, dacks mannerjärege Leit befaasst. Ënnert dem zynesche Begrëff "Happy Slapping" dinn sech Gruppe vu jonke Leit zesummen, déi sech geziilt Affer aussichen, fir dësen opzelaueren, se hemmungslos zesummenzeschloen an dës Doten och nach ze filmen an am Internet ze veröffentlechen. Den Artikel verweist weider dorop, datt déi Täter, déi bis ewell vun der Police konnten identifizéiert ginn, dacks nach am schoulflichtegen Alter sinn an op mannst eng vun dësen Doten sech an engem ëffentleche Lycée ofgespillt huet. D'Schoul ass e Raum, wou d'Kanner naturgeméiss ganz enke Kontakt hunn a sech an deenen allermeeschte Fäll ganz flott Frëndschaften entwéckelen, mee wou sou Täter, wéi se am Artikel beschriwwe ginn, mat der néideger Entschlossenheet och e ganz fruchtbare Buedem fannen, falls net vun Ufank u konsequent intervenéiert gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Sinn der Regierung déi am Artikel genannte Banden bekannt? Ginn et nach aner änlech Banden?
2) Ass der Regierung bekannt a wéi enge Lycéeën d'Membere vun deenen am Artikel genannte brutale Banden ageschriwwen sinn? Ass hei eng gewësse regional Konzentratioun festzestellen? Ginn d'Direktioune vun de Lycéeën doriwwer informéiert?
3) Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit d'Direktioune vun de Lycéeën, an deenen d'Täter aktuell hirer Schoulflicht noginn, preventiv iwwert déi entspriechend Identitéiten informéiert goufen, fir, datt si am Eeschtfall direkt kënnen agräifen an Affer an Täter sou wäit wéi méiglech vun eneen ze trennen?
4) Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit d'Zerwisser vum SEPAS scho mat deem beschriwwene Gewaltphenomeen an och mat de genannte Banden befaasst goufen, fir d'Affer am Eeschtfall sou gezillt wéi méiglech kënnen ze betreien?
5) Wat gëtt alles konkret gemaach fir d'Omertà ze duerchbriechen an Schüler, déi bedreet ginn, effektiv ze beschützen, an der Schoul, um Schoulwee an och soss?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6539 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Déi genannte Gruppéierung ass bekannt, an et bestinn och Kenntnisser iwwert aner Gruppéierunge vu Jugendlechen, déi awer no dem aktuellen Erkenntnisstand net dat selwecht Gewaltpotential un den Dag leeën.

**Ad 2)**

Eng gewësse regional Konzentratioun ass net festzestellen. Wéinst dem Secret de l'instruction ass et net méiglech, d'Direktioune vun de Lycéeën iwwer lafend Enquêten a Kenntnis ze setzen. Dëst huet sech allerdéngs an der Vergaangenheet um Terrain net als problematesch erwisen, well d'Direktioune fir hir Aarbecht net iwwer Detailer aus der Enquête musse verfügen. Et ass vill méi esou, datt d'Direktiounen dacks um Ursprong vun enger Plainte oder engem Signalement stinn, an iwwer d'Schoulcommunautéit en detailléiert Bild vun der Situatioun tëscht deene Jonken hunn, esou laang dëst sech och am schouleschen Alldag nidderschléit.

**Ad 3)**

Wéi schonn ugefouert, gëllt den allgemenge Prinzip vum Secret de l'instruction. Dëst bedeit awer net, datt keen Echange tëscht dem Parquet, der Police an de Schoule besteet. Am Fall, wou d'Schoul Kenntnis kritt huet vun engem Gewaltvideo, huet d'Schoul de Parquet doriwwer informéiert an huet bei der Enquête enk mat der Police judiciaire zesummegeschafft. Doriwwer eraus hunn déi Zwëschefäll disziplinaresch Sanctiounen an der Schoul no sech gezunn. Ebe grad fir Opfer an Täter vuneneen ze trennen, sinn an dëse Fäll Renvoie vun der Schoul ausgeschwat ginn.

**Ad 4)**

An deem Fall, deen am Mëttelpunkt vun dem ëffentlechen Debat steet, an deen an enger ëffentlecher Schoul war, huet eng Prise en charge vun dem Opfer duerch de SePAS stattfonnt an d'Virfäll sinn an der Schoulcommunautéit thematiséiert an opgeschafft ginn.

**Ad 5)**

D'Mesuren déi d'Police an dësem Kontext ergräift si schonn exhaustiv ënnert dem Punkt 4 vun eiser Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6534 opgezielt ginn. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend schafft aktuell och un enger Campagne fir géint de Phänomen vun de Gewaltvideoe virzegoen, e Phänomen, deen och am Ausland festgestallt gëtt, a wäert entspriechend Materialien an dësem Schouljoer an d'Schoule bréngen.

Lëtzebuerg, de 26. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH